N°3929
Entrée le 11.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3929 vum 16. Abrëll 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Corinne Cahen.**

*- Wéi laang dauert am Duerchschnëtt den Traitement vun den Ufroe fir en Aktivéierungscode?*

D'Aktivéierungscode fir d'eSanté-Konte ginn no der Schafung vum Dossier de Soins Partagé (DSP) per Post un déi betraffen Titulairë verschéckt. Dësen Aktivéierungscode kann nëmmen ee Mol benotzt ginn an huet eng Gültegkeet vu maximal 90 Deeg. Et kënnt reegelméisseg vir, datt Patienten hiren DSP net bannent dësem Delai aktivéieren, wat dozou féiert, datt den Aktivéierungscode ofleeft. An esou engem Fall ass et néideg, en neien Aktivéierungscode unzefroen, fir den DSP kënnen ze notzen.

De Patient huet d'Méiglechkeet, en neien Aktivéierungscode entweder telefonesch beim Helpdesk vun der Agence eSanté unzefroen oder andeems een de jeeweilege Formulaire um eSanté-Portal ausfëllt. An deenen zwee Fäll gëtt den neien Aktivéierungscode per Post un de Patient geschéckt. D'Beaarbechtungszäit läit am Duerchschnëtt tëscht engem an dräi Deeg.

Zanter Dezember 2025 invitéiert den Helpdesk d'Patienten, déi iwwer e MyGuichet-Kont verfügen, alternativ d'Prozedur zur Eréffnung vun engem eSanté-Kont iwwer den Internet-Portal MyGuichet ze maachen. Dës Approche erméiglecht hinnen duerno och iwwer dëse Wee Zougang zu den Donnéeë vun hirem DSP. Iwwer dëse Wee besteet d'Méiglechkeet säin DSP-Kont op ze maachen ouni mussen e valabele Code zu hunn. Fir d'Sécherheet ze garantéieren, mussen dës Persounen sech iwwer e LuxTrust-Produit identifizéieren.

*– Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis de Courrier beim Demandeur an der Boîte ukënnt?*

Fir all Ufro, déi viru 15:00 Auer beim Service Helpdesk vun der Agence eSanté agereecht gëtt, kann ee mat enger Äntwert bannent engem Delai vun 1 bis maximal 2 Aarbechtsdeeg fir Residenten, respektiv vun 2 bis maximal 3 Aarbechtsdeeg fir Net-Residenten, rechnen.

*– Gedenkt d'Madamm Minister eng alternativ Aktivéierungsmethod anzeféieren déi et erméiglecht dës Delaien ze kierzen? Beispillsweis iwwer d'Messagerie op MyGuichet.*

Zanter Dezember 2025 kënne Patienten iwwer hire perséinlechen Espace op MyGuichet.lu hiren eSanté-Kont aktivéieren an Zougang zu hirem DSP kréien. Dës nei Fonctionnalitéit gouf am Kader vun engem Pressecommuniqué vum 1. Dezember 2025 beschriwwen a per verschidden Kommunikatiounsmoossname vum CTIE an der Agence eSanté diffuséiert[1].

Zanter der Aféierung vun dëser néier Fonctionnalitéit op MyGuichet.lu, hunn op den Datum vum 28. Abrëll 2026, ronn 7.164 Persounen iwwer MyGuichet.lu op hiren DSP zougegraff. Et sief gesot, datt 4.521 Konte schonn iwwer MyGuichet aktivéiert goufen; ongeféier e Véierel vun all den Aktivéierunge geschitt elo iwwer MyGuichet.lu.

[1]https://mindigital.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement2024+fr+actualites+toutes_actualites+communiques+2025+12-decembre+01-dsp-myguichet.html

*– Wéi vill Persounen hu sech am Joer 2025 een eSanté-Kont ugefrot an aktivéiert?*

Am Joer 2025 hu 35.984 Patienten hiren eSanté-Kont aktivéiert.

*– Kéint d'Madamm Minister matdeele wéi vill eSanté-Konten insgesamt zënter der Aféierung aktivéiert goufen? Wa méiglech opgeschlësselt no Patientekonten, professionnelle Konten, Lëtzebuerger Residenten an Net-Residenten.*

Bis haut sinn insgesamt 250.372 Patientekonten opgemaach an aktivéiert, dovun 180.218 vu Residenten a 70.154 vun Net-Residenten. Zousätzlech existéiere 5.608 professionell Konten, dat heescht Konten déi vu Generalisten, Zänndokteren, spezialiséiert Doktere wéi zum Beispill Kannerdokteren, Gynekologen, asw., esou wei Infirmièren, Aide-soignanten, Apdikter, Ergotherapeuten, asw. aktivéiert gi sinn.

*– Wéi eng Sensibiliséierungsaarbecht gouf a gëtt aktuell gefouert fir d'Bevëlkerung mat op de Wee vun den digitale Patientendossieren ze kréien?*

D'Agence eSanté sensibiliséiert aktiv d'Bevëlkerung iwwer verschidden Initiativen. An dësem Kontext organiséiert si reegelméisseg, a Kooperatioun mat Associatiounen a Gemengen, Presentatioune vum DSP am Kader vun der Aktioun „DSP on Tour". Zudeem publizéiert si reegelméisseg Bäiträg an Artikelen zum DSP op hire soziale Reseauen, op hirem Portal souwéi an hirem Newsletter. Dës Sensibiliséierungsaktioune ginn och am Joer 2026 weidergefouert.

Ausserdeem veröffentlecht d'Agence, iwwert d'Plattform vun Open Data Luxembourg[2], all Mount hiren "Cahier sSanté" mat Statistiken zu sämtleche Servicer déi d'Agence ubitt.

D'Bereetstellung vum DSP op der Plattform MyGuichet huet e bedeitende Fortschrëtt bei der Vereinfachung vum Zougang zum DSP fir d'Patienten duergestallt. Fir dës Dynamik weiderzeféieren, an am Kader vun der digitaler Inklusioun souwéi der Verbesserung vun der Ergonomie vum System am Déngscht vun der Koordinatioun vun der Gesondheetsversuergung, huet d'Agence e Projet fir e vereinfachten Zougang zum DSP fir Gesondheetsberuffler lancéiert.

Aktuell analyséiert d'Agence verschidde Méiglechkeeten, fir den Zougang zum DSP fir Gesondheetsberuffler, déi un der Betreiung vun de Patiente bedeelegt sinn, ze vereinfachen. Soubal eng konkret Léisung ëmgesat ass, gëtt si vun enger ëffentlecher Informatiouns- a Sensibiliséierungskampagne selbstverständlech begleet.

*– Wat ass fir Patienten, esou wuel wéi fir d'Gesondheetsberuffler de Virdeel vun engem eSanté Kont?*

D'Virdeeler vum DSP fir de Patient sinn:

All seng weesentlech Gesondheetsdonnéeë sinn op enger eenzeger Plaz regroupéiert, an doduerch :

- braucht hien se net méi ze memoriséieren, oder säi medezineschen Dossier vun engem Dokter bei den anere matzehuelen;
- kann hien, wann e bei en aneren Dokter geet, him direkt en Accès op säin DSP ginn;
- kann, am Fall vun enger Urgence, den DSP esouguer säi Liewe retten;

[2] https://data.public.lu/fr/

- hie kann seng „Dispositiounen zum Liewensenn“ aginn;
- hie kann seng Zoustëmmung oder säi Refus fir Organspender ze sinn uginn;
- am Kader vum Dispositif „Médecin référent“ kritt de Patient reegelméisseg Zougang zu sengem „Résumé Patient“;
- de Patient huet selwer Accès op seng Gesondheetsdonnéeën a gesäit zu all Ament wien op säin DSP zougegraf huet, wéini a fir wat (Consultatioun/Dépôt).

D’Virdeeler vum DSP fir d’Gesondheetsberuffler sinn:

- direkten Zougang zu behandlungsrelevante Patientendonnéeën;
- séier an einfach Gesondheetsdonnéeën erëmfannen, mat Hëllef vum „moteur de recherche“;
- d’Méiglechtkeet d’Gesondheetsdonnéeën op eng méi einfach Aart a Weis mat sengen Aarbechtskollegen ze deelen an auszetauschen;
- dréit zu enger optimaler Behandlung an der Kontinuitéit vun der Behandlung vu senge Patiente bäi.

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez